



**Gemeinsam Äntwert vum Här Claude Turmes, Minister fir Energie a vum Här Franz Fayot, Wirtschaftsminister op d'parlamentaresch Fro n°6634 vum 9. August 2022 vun den éierbaren Deputéierten Carole Hartmann a Max Hahn betreffend Gasverbrauch**

- 1. Wéi vill Gas hu prozentual an de leschte 5 Joren zu Lëtzebuerg Privatstéit, Verwaltungen, Gemengen, mëttelstänneg Betriber, gréisser Betriber an Industrie verbraucht ?**
- 2. Am Fall vun engem Gas-Enkpass, ass et wichteg, preparéiert ze sinn a kënnen op eng wirtschaftlech-effizient a solidaresch Manéier ze reagéieren. No welche Prioritéitskritèren a Prinzippien gedenkt de Minister an deem Fall d'Verdeelung vu Gas u mëttelstänneg Betriber, gréisser Betriber an un d'Industrie festzeleeën ?**

Sou wéi am järeleche Rapport "Chiffres clés du marché du gaz naturel" vum Institut Luxembourgeois de Régulation (ILR) ze liesen ass, gëtt de Joresverbrauch a 4 Haaptkategorien opgedeelt, woubäi déi kleng a mëttelgrouss Betriber sou wéi och d'Gemengen an d'Administratiounen haaptsächlech an der 2. Kategorie vun de "Professionelle Clienten (< 280 GWh/a)", erëmzefannen sinn, sou wéi am Tableau hei drënner opgelëscht:

Joer	Gasverbrauch an [GWh]				
	2017	2018	2019	2020	2021
Haushaltsclienten	3.204	3.325	3.387	3.037	2.690*
Professionell Clienten (< 280 GWh/a)	2.595	2.570	2.431	2.318	3.262*
Industriell Clienten (> 280 GWh/a)	2.583	2.634	2.554	2.185	2.144
Stroumproduktioun	672	619	503	467	539

\* Am Joer 2021 huet ee vun den Netzbedreier seng Methodologie fir seng Clienten ze klassifizéieren geännert, wat zu enger gréisserer Variatioun tëscht den 2 Kategorien vun den Haushaltsclienten an den professionelle Clienten gefouert huet.

Ëffentlech Verwaltungen, déi der Administration des bâtiments publics ënnerstinn, maachen an dëser Statistik eppes manner wéi 10% vun de professionelle Clienten mat enger Consommation vun manner wéi 280 GWh am Joer aus.

Am Fall vun enger Kris um Gasmarché huet Lëtzebuerg, sou wéi all Memberstaat, en Noutfallplang opgestallt, deen konform zum EU Reglement 2017/1938 iwwert d'Versuerungssecherheet am Gas all 2 Joer à jour gesat muss ginn. Déi lescht Versioun vum Oktober 2020 ass am gaangen ugepasst ze ginn fir der aktueller Situatioun an der eventueller Noutwendegkeet vun méi laangfristeg Kierzungen Rechnung ze droen. Am Noutfallplang wäerten souwuel fräiwëlleg wéi och obligatoresch Mesuren virgesi ginn fir de Gaskonsum bei all de Kategorien vu Verbraucher jee no Gravitéit vun der Kris ze reduzéieren. Industrieclienten kréien d'Méiglechkeet fir ënnerteneen Flexibilitéit spillen ze loosse falls een Client eventuell méi kann aspieren wéi en aneren an fir doduerch eng wirtschaftlech-effizient a solidaresch Allokation ze erreechen. Och wann Haushaltsclienten als geschützt gëllen an deemno net dierfen

ofgeschallt ginn, sou kënnen och déi am Kader vun hire Méiglechkeeten eng Contributioun leeschten a ginn deemno och an déi Laaschtreduktiounsmesuren opgeholl. Den ugepasste Plang muss bis spéitsdens am Oktober zu Bréissel notifizéiert ginn.

Och déi national Energiespuercampagne, déi den 8. September der Ëffentlechkeet virgestallt ginn ass, gëtt als wichtege Deel vun deene Mesuren am Noutfallplang opgeholl fir op deen aktuellen Gas-Enkpass an Europa ze reagieren.

Luxembourg, le 21.09.2022

(s.) Claude Turmes  
Ministre de l'Énergie